ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Abrëll 2021

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

D'Patiente Vertriedung Asbl an d'ULC Asbl hu sech den 13. Abrëll an engem Communiqué beschwéiert, datt allgemeng e Mangel un Transparenz bei der Duerchféierung vum Impfprozess géigeniwwer der Ëffentlechkeet besteet. Hiert Haaptuleies läit awer doranner, datt si vill Uriff vu Lëtzebuerger Bierger kréien, well d'Impfpersonal am Impfzenter, den Attest vun hire behandelnden Dokteren net respektéiere géing.

Et sinn nämlech Dokteren, déi hire Patienten, déi si zum Deel scho jorelaang betreien an doduerch och mam Gesondheetszoustand vum Patient vertraut sinn, en Attest fir d'Impfung schreiwen, an deem si den aktuelle Gesondheetszoustand an d'Grondlag vun alle relevante medezineschen Date vun hirem Patient berécksiichtegen, fir en Impfstoff ze recommandéiere bezéiungsweis vun engem bestëmmten Impfpräparat ofzeroden. Wann en Dokter sengem Patient esou en Attest ausstellt, opgrond vun deem senger Krankegeschicht, senger Medikatioun a sengem Gesondheetszoustand a Relatioun zum Risiko vu méiglechen Niewewierkunge vun engem bestëmmten Impfstoff, huet dat jo medezinesch Grënn, esou datt et sech net einfach ëm perséinlech Preferenzen oder Wënsch handelt.

An deem Kontext wéilt ech der Regierung gär folgend Froe stellen:

1. Wier et net méiglech, esou Attester scho bei der Reservatioun vun engem Impf-Rendezvous ze berécksiichtegen an direkt am Viraus ze klären, ob d'Impfe mat engem bestëmmte bezéiungsweis engem anere Preparat am jeeweilegen Impfzenter méiglech ass, respektiv dëst beim Vergi vum Rendezvous mat anzerechnen?

2. Wéi an no wat fir Krittäre gëtt d'Verdeelung vun den Impfstoffer op déi verschidden Impfzentren organiséiert? Kritt all Impfzenter d'nämmlecht vill Dosen, an absolutten Zuelen oder proportional gerechent, vun deenen diversen Impfstoffer?
3. Wéi vill Dosen huet Lëtzebuerg vun deene véier an Europa zougeloossenen Impfstoffer jeeweils nach iwwereg a gëtt dat lafend publizéiert?
4. Kéint den Haut Commissariat à la Protection nationale, zesumme mat der Santé, net eng informatiséiert an transparent Prozedur aféieren, andeem hien
   a) géing all Dag publizéieren a wat fir engem Impfzenter grad wat fir en Impfstoff zur Verfügung steet?
   b) et géing erlaben, datt eng Persoun, déi eng Impfinvitatioun an en Attest vu sengem Dokter fir e bestëmmtent Impfpräparat krut, sech da kéint mat deenen Dokumenter spontan an engem Impfzenter presentéieren, deen dat betreffend Präparat geliwwert krut?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten